

Bartolomeo, Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Jean-Pierre Klein), MM. Jos Scheuer (par M. Alex Bodry), Georges Wohlfart (par Mme Mady Delvaux-Stehres) et Marc Zanussi (par M. Jeannot Krecké);

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepf et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss (par Mme Renée Wagener) et Mme Renée Wagener;

M. Aloyse Bisdorff.

Ont voté non: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz et Lucien Weiler (par M. Ady Jung);

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Marco Schroell), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer (par M. Xavier Bettel) et Théo Stendebach.

Motion 2

Da komme mer elo zur Motioun 2, déi d'Mme Marie-Josée Meyers-Frank agereecht huet.

(Interruption)

Den Här Alex Bodry freet d'Wuert.

M. Alex Bodry (LSAP). - Ech wollt just derzou soen: Et schéngt mer, do ass jo och een Element, dat och a menger Motioun war.

(Interruptions)

D'Origine vun der Iddi ass suspekt gewiescht bei menger Motioun, elo gëtt et hei besser.

(Interruptions)

Ech géif lech awer chaudement recommandéieren, et net an där doter Form bäizebehalen, well mat där Opzielung do vun den eenzelne Secteuren - wéi Der dat wëllt maachen - vergiesst Der eng Rei vu Secteuren, wou wäertvoll bënnefoll Aarbecht geleescht ginn ass.

Duerfir géing ech der Majoritéit chaudement recommandéieren, wa se net wëllt a Schwierigkeete kommen, dass se eng aner Formule fënnt - et ass net u mir fir déi ze fannen, dat solle si maachen - wou se all Secteuren hei mat opzielen, wou bënnefoll Aarbecht gemaach gëtt am Intérêt vun der Gesellschaft, an net nëmmen Eenzelner.

De Sportsektor zum Beispill feelt hei dran. Wann Der dat wëllt, da sollt Der dat soen. Wann net, mengen ech,

dass Der eng Verbesserung vun Ärem Text musst maachen.

(Interruptions)

Une voix.- Merci. Mir stëmme se awer esou wéi se do ass.

M. le Président.- Mir stëmme dann of.

Vote

Déi fir déi Motion 2 sinn, si gebieden, d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Une voix.- An där doer Form?

M. le Président.- Jo.

Avis contraire: Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Ech stelle fest, dass déi Motioun mat grousser Majoritéit ugeholl ass.

Domat wier dee Punkt dann ofgeschloss a mir kéimen zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour. Dat ass d'Diskussioun vun de Projets de loi 4607 a 4733 iwwert d'Statskonte vun de Joren 1997 an 1998.

Béid Projete ginn an enger Diskussioun behandelt a béide Rapportere sti jeeweils zéng Minutte Riedezäit zur Verfügung.

Et hu sech schonn ageschriwwen bis elo: déi Här Krecké, Krieps, Mehlen, Bausch a Bisdorff.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi 4607, den honorablen Här Alexandre Krieps.

3. Projet de loi 4607 portant règlement des comptes généraux de l'exercice 1997

Projet de loi 4733 portant règlement des comptes généraux de l'exercice 1998

Rapport de la Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire concernant le projet de loi 4607

M. Alexandre Krieps (DP), rapporteur. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dëst Gesetz 4607 iwwert d'general Konte vun 1997 läit op der nämlecher Linn wéi déi Gesetzer 4386 a 4500, déi de 25. Oktober 2000 hei vun de Kollege Claude Wiseler a François Bausch rapportéiert gi sinn.

Déi éischt Kritik ass déi nämlecher: Et leie fënnef Joer tëschent dem Kontejoer an dem Zréckkommen hei an d'Chamber vun dem Bilan.

Den Dépôt vun dësem Gesetz ass am Dezember '99 gemaach ginn. Deem Gesetz louch de Rapport vun där

aler Chambre des Comptes bäi, an deem ass eréischt am November '99 fäerdeg ginn.

Den Avis vum Statsrot datéiert vum November 2000 an iwwerhëlt grosso modo d'Kritike vun der Chambre des Comptes.

Leider ass dat nëmmen ee vun de bedauerswäerte Punkten an dëser Prozedur, well weder dem Statsrot nach dësem Haus eng Stellungnahme vun deenen eenzelne Ministären zu der Kritik vun der Chambre des Comptes zougestallt ginn ass, am Géigesaz zum Kontejoer '98. Mäi Fraktiounskolleeg Gusty Graas huet nach gëschter geschwat vun de "Comptes généreux" an dësem Zesammenhang an de Kolleeg Fayot, deem huet am Besuch zu der Aussepolitik d'Theorie avancéiert vun de Sous-ensembles. An dëse Statskonte vum Joer '97 kann ee roueg schwätze vum Konzept vun der "Théorie des sous-ensembles flous", well hei ass terribel Flou dran.

Ech erspueren lech gären déi meescht vun deenen Zuelen, déi an dësem Gesetz stinn. Dir musst just zréckhalen, dass d'initial Projektione vum 97er Budget Ausgabe virgesinn hate vun 163 Milliarde Frang a Recettë vun 182 Milliarde Frang. Nodréiglech ass du festgestallt ginn, dass d'Recetten op 18 Milliarde méi héich louchen, dat heescht 11%, an d'Ausgaben 13 Milliarde méi héich, 7%.

Hale mer fest, dass dës Excédentë verdeelt si ginn op Spezialfongen. Wat mir speziell gutt gefall huet, dat ass, dass iwwert zwou an eng hallef Milliard Frangen op d'öffentlech Scholderofsetze gesat gi sinn.

D'Kritike vun der Chambre des Comptes a vun der Budgetskontrollkommissioun dréie sech ëmmer nëmmen ëm déi nämlech Punkte wéi och déi Jore virdrun.

Éischters d'Retarden an den Ofrechnungen an an den Déchargé vun de "Comptables extraordinaires".

Ech ginn lech ee Beispill: Am November 2001 huet d'Budgetskontrollkommissioun d'Explicatioun gehéiert vum Finanzdirekter aus dem Ausseministère, deem ons erkläert huet, dass säin Departement eleng 55.000 Säite pro Joer kontrolléiere misst. Et gëtt keen Zweifel do runner, dass bei esou engem héije Volume Aarbecht déi Prozedur verbessert, vereinfacht an accéléreiert misst ginn. Et gëtt och keen Zweifel drun, dass déi diplomatesch Valiss am Ausseministère net méi dat adequat Instrument ass fir déi Transferte vun deene Piëcen, mä dass déi modern elektronesch Datëverméttlung hei misst méi asprangen.

Een anere Punkt ass dee vun den "Transferts d'articles budgétaires". D'Tendenz dovunner war an de Jore '95 a '96 réckleefeg an ass du '97 erëm eropgaang, a schlussendlech waren et der du 786 un hirer Zuel fir iwwer 217 Milliounen.

Dräi Opfälligkeiten heizou:

1. Oft sinn d'Justificatiounen vun deene Transferte vill ze vill onduerchsiichteg.

2. Oft sinn ëmmer déi nämlech Ministären an déi nämlech Budgetssektiounen betraff.

3. Heiansdo sinn déi betreffend Sommen esou lächerlech, zum Beispill 400 Frang, dass ee sech freet, ob deem administrativen Opwand justifiéiert ass. D'Regierung wär och hei gefuerdert, net aus enger "budgetärer Relioun" e "budetäre Mysticisme" ze maachen.

En anere persistenten, onverständleche Fakt ass dee vun där onduerchsiichteger Ofwécklung vun de Marchés publics. De Rapport vun der Chambre des Comptes schwätzt an dësem Zesammenhang bei de Konte vu '97 vun Illegalitéiten a vun Irrégularitéiten. Zweek Drëttel waren iwwer Soumission restreinte oder gré-à-gré, an e gudden Deel dovunner ass ex post regulariséiert ginn, wat doudsécher an Zukunft net méi dierft virkommen.

D'Budgetskontrollkommissioun huet Vertrauen an dat neit Marchés-publics-Gesetz fir déi noutwendeg Transparenz erbäizefeieren an all Prise d'influence op déi Marchéen ze ënnerbannen.

En anere leidege Problem bleiwen déi onméiglech laang Délaië vun de Konte vun de grouss Chantieren a vun deene groussen Aarbechten, bis déi Décompten hei an d'Chamber zréckkommen, wa se iwwerhaapt erëm kommen.

Et muss een hei uprängern, dass an dësem Domän eng total Anarchie herrscht. Vill vun deene Projeten, wou d'Décomptë feelen, leie méi wéi 15-20 Jore zréck a verschidde vun deene Realisatiounen wäerte geschwënn erëm ofgerappt ginn, ier hir Décompten hei zréck an d'Chamber kommen.

Et ass och ze hoffen, dass verschiddener vun deenen Décompten net op de SIDOR gefouert gi sinn. Dat hu mer jo schonn héieren.

Eng vun den Erklärungen, déi mer hei kritt hu fir déi Retardë wär, dass de Stat bis elo keng effikass Mémoire administrative gehat hätt, also keen zentralen Archiv vun all deene Piëcen. Elo geséich et awer esou aus, dass d'Regierung gewëllt wär, déi Problematik vun engem propperen, dauerhaften Archivage unzegoen.

Net zum eigentleche Rapport iwwert d'Konte vu '97 gehéiert am schrëftleche Rapport déi Recommandatioun vun der Kontrollkommissioun am Zesammenhang mat der Exécution budgétaire, nom neie Kontabilitéitsgesetz ze fuere vun '99. Déi hei Konte vu '97 sinn nach net do drënner gefall. Dës Recommandatioun wäert och nach e puer Jore brauche bis se gräift, well den Iwwergang vun enger aler Prozedur an eng nei héchstwahrscheinlech méi Zäit fir d'Emdenke verlaange wäert.

Et ass och ze hoffen, dass déi méi gestraffte Prozeduren, fir dem Stat seng Suen auszeginn, an Zukunft dës Ausgaben an eng méi geuerdnet Bunn brénge wäerten.

Et bleift natierlech och ze hoffen, dass d'Regierung all déi Règlement-grand-ducalen ausschafft, déi an dem Gesetz iwwert d'Kontabilitéit vum Juni '99 virgesi sinn.

Souwäit mäi mëndleche Rapport. Ech recommandéieren enger Majoritéit vun de Kolleegeen heibannen, fir dat Gesetz 4607 unzehuelen.

Kann ech, Här President, e puer Wuert soen als mandatierte Spriecher vun der Partei?

M. le Président. - Jo, maacht dat.

M. Alexandre Krieps (DP). - Dat ass ganz kuerz.

(Interruptions)

Neen. Et ass keen, deen no mir doriwwer schwätzt. Wann Der erlaabt fueren ech dann hei virun als mandatierte Spriecher vun der Demokratescher Partei.

Do drécken ech dräi Hoffnungen aus, déi kee Wonschdenke bleiwe sollten:

Déi éischt Hoffnung ass déi, dass d'Budgetskontrollkommissioun esou effikass iwwerparteilech weider-schaffe soll, ouni dobäi vu lauter Beem net de Bësch aus den Aen ze verléieren.

Déi zweet Hoffnung ass, dass déi aner verfassungsméisseg virgesinne Kontrollorganer, wéi zum Beispill de Contrôle financier an de Contrôle vun de Gemeengefinanzen, och eng eescht Aarbecht solle maachen. Et ass jo net virgesinn, dass d'Cour des Comptes déi Aarbechte maache soll, déi iwwerengens scho genuch Aarbecht huet mam Contrôle vun deene sëllegen Etablissements publics.

Den absoluten Dram natierlech wier deen, dass d'Vollektivvertrieeder, dat heescht, d'Chamber, bei der Opstellung vun deene verschiddene Budgeté vun deenen eenzelnen Departementer, matabezu géife ginn, fir dass d'Ausrichtung vun der Politik an dësem Land matbestëmmt kënn ginn duerch d'Chamber.

Dat gesot, wäert d'Fraktioun vun der Demokratescher Partei, ënner hirem Fraktiounscheef Jean-Paul Rippinger, sech bei dësen zwee Voten enthalten, wat der politescher Rolleverdeelung vun de Joren 1997 an 1998 entsprécht.

Ech soen lech merci.

M. le Président. - D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi 4733, den honorablen Här Lucien Clement.

Rapport de la Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire concernant le projet de loi 4733

M. Lucien Clement (CSV), rapporteur. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn haut de Gesetzesprojet 4733 zur Diskussioun an och zum Vote virleien. Et geet hei ëm d'Approuvéiere vun den 98er Konten.

Fir unzefänke wëll ech e kuerze Résumé vun de parlamentareschen Aarbechte maachen.

De Projet de loi ass vum Budgetsminister ausgeschafft ginn an ass de 6. Dezember 2000 hei an der Chamber déposéiert ginn. Dat Dokument beinhalt, ausser dem Exposé des motifs, e Commentaire des articles esou wéi sechs Annexen. Dobäi war och deen excellente Rapport vun der Cour des Comptes, deen op den 20. November 2000 datéiert ass.

Duerno hunn déi verschidde Ministère Positioun zu den Observatiounen vun der Cour des Comptes bezunn. De Statsrot huet säin Avis den 9. Oktober 2001 agereecht.

D'Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire huet sech insgesamt sechsmol mat den 98er Konten beschäftegt, wat sécherlech de Sérieux vun de parlamentareschen Aarbechte beweist. D'Kommissioun hat ënner anerem Entrevue mam Ausseministère, mat der Cour des Comptes, mam Statssekretär vun der Fonction publique a schlussendlech och mam Direkter vun der Inspection générale des Finances.

De schréffleche Rapport an och dee vun de 97er Konten, deen den Här Alexandre Krieps hei mëndlech virgedroen huet, sinn de 4. Mäerz 2002 vun der zoustänneger Kommissioun ugeholl ginn.

Mäi mëndleche Rapport ass an zwee Deeler opgegliddert. Fir d'éischt maachen ech kuerz eng generell Presentatioun vun den 98er Konten. An engem zweeten Deel maachen ech déi eng oder aner Analys vum Rapport vun der Cour des Comptes. An deem Kader ginn ech dann och kuerz op d'Erklärunge vun de Ministèren an op d'Konklusiounen vun där zoustänneger Kommissioun an.

Här President, wat waren d'Haaptrecetten?

Am 98er Exercice sinn 190,6 Milliarde Frang Recettë kontabiliséiert ginn. Dat ass eng Progressioun vu 4,7% par rapport zum 97er Exercice. Wann een awer d'Budgetsprevisiounen vun 1998 kuckt, ergëtt et eng Steigerung vun 11,9%, wat 20,3 Milliarden ausmaachen. Mir schwätzen hei, Här President, nach ëmmer a Lëtzebuerger Frangen, obschonnns mer elo den Euro hunn, well den 98er Budget selbstverständlech a Lëtzebuerger Frangen opgestallt ass.

D'Plus-valuë kommen aus Quellen, déi haaptsächlech fiskalescher Natur sinn. Et sinn dat den Impôt sur le revenu des collectivités mat 3,9 Milliarden, d'Taxe d'abonnement mat 2,8 Milliarden, den Impôt retenu sur les salaires mat 1,4 Milliarden, d'Part aus de Recettë vun der Union économique belgo-luxembourgeoise am Beräich vun der Douane an den Akzise mat 1,3 Milliarden an d'Droits d'enregistrement hate Plus-valuë vun 1,2 Milliarden. Dobäi kommen nach 3,2 Milliarde Recetten, déi aus der Participatioun vum Goldverkauf vun der Banque nationale de Belgique stamen a schlussendlech d'Einnahmen am Beräich vun der Emisioun an dem Retrait vu Geldschäiner, déi 3,9 Milliarden ausgemaach hunn.

Déi Progressioun vun de Recetten tëschent dem votéierte Budget 1998 an de provisoiresche Konte vun 1998 erkläert sech haaptsächlech duerch zwee Phänomener.

Den éischte Grond läit sécher an deem stramme wirtschaftleche Wuesstum, e Wuesstum, dee selbstverständlech dann och fir méi Steuerrecettë verantwortlech ass. D'Croissance vum PIB huet déi ursprüngelech Previsiounen esouwuel vum Statec wéi och vun der Europäescher Kommissioun, déi als Referenzwäert gegollt hu wéi de Budget opgestallt ginn ass, substanzieel iwwerschraut. Am Ufank ass de Statec vun engem Wuesstum vum PIB vu 6,1% ausgegangen. No enger Revisioun ass de Prozentsaz däitlech gehuewe ginn an ass zirka op 7,5% fixéiert ginn.

Deen zweete Grond waren déi extraordinär Recetten, déi ech elo grad ugeschwat hunn, aus dem Verkaf vum Gold vun der belscher Nationalbank an Erausginn an de Retrait vu Signes monétaires.

Et sinn awer och Moins-valuë ginn. Um Niveau vun der Akommessteuer bei de physische Persounen, déi par voie d'assiette fixéiert gëtt, ass eng Moins-value vu 400 Milliounen Frang ze verzechnen. Eng weider Moins-value ass et ginn duerch déi gutt Statsfinanzen, déi mer hei zu Lëtzebuerg hunn, well et war en Emprunt virgesi vun enger Milliard, deen dunn net huet bräichte vun der Regierung getäteg ze ginn.

Um Niveau vun den Ausgaben ass et zu enger globaler Plus-value vun 18,9 Milliarde komm, wann een déi zousätzlech Dotatiounen an d'Spezialfonge mat a Betracht zitt. D'Dépassementer hunn also hiren Haaptgrond an der Affektatioun vun de Plus-values de recettes.

Am Klortext heescht dat, datt d'Spezialfongen iwwer e Betrag vun 18,3 Milliarden nogespeist si ginn. Dat ass konform zu de Regierungspropositiounen, déi d'Finanzkommissioun approvéeiert huet. Dës zousätzlech Dotatiounen hunn déi finanziell Ressourcë vun de Spezialfongen nach eng Kéier substanzieel opgestockt. Dat erlaabt selbstverständlech deene pluriannuelle Finanzementer vun deene wichtege Projeten, déi mer hunn, méi berouegt entgéintzekucken.

Wéi héich waren elo d'Reserven nom 98er Exercice?

D'Réserve budgétaire huet sech op zirka 15,35 Milliarde belaf. Hei muss een erwähnen, datt eng grouss Partie vun dëser Réserve budgétaire als Fonds de roulement disponibel bleiwe muss, an dat fir déi lafend Besoinë vun der Statstrésorerie ofzedecken, dat heescht, d'Besoinen temporairement auszegläichen, déi duerch déi intra-annuel Differenz tëschent de Recetten an den Dépenses entstinn.

Déi disponibel Budgetsreserv ass e wichtege Atout, fir datt de Stat seng Paiementer och an Zukunft ouni gréisser Problemer an den Délaië ka maachen. Dës Reserv däreft, Här President, op kee Fall dozou benotzt ginn, fir iergendwellech Fonctionnementskäschte vum Stat definitiv ze finanzéieren.

Um Niveau vun de Spezialfonge gëtt et Reserve vu bal 73 Milliarden.

Wann een den Total mécht, dann hat de Stat am Exercice 1998 Reserve vun zirka 88 Milliarde Frang zur Verfügung. Mat dësem Betrag, Här President, kann een d'Zukunft mat enger vernünfteger Portioun Optimismus ugoen.

Zum Schluss vun der éischter Partie wëll ech nach kuerz op den Avis vum Statsrot ze schwätze kommen. De Conseil d'Etat kritiséiert d'Differenzen tëschent dem votéierte Budget an de Konten. An anere Wieder ass déi héich Kierperschaft net averstane mat enger gewolltener oder ongewolltener systematescher Ennerschätzung vun de Plus-valuë wat d'Recetten ugeet. Op där anerer Säit begreist se awer, datt d'Regierung d'Affektatioun vun dëse Plus-valuen enger legislativer Prozedur ennerwerft. Schlussendlech ass de Statsrot grosso modo mat der Cour des Comptes hiren Observatiounen a Kriticken averstane.

Am zweeten Deel vu mengem Rapport kommen ech dann op de Rapport vun der Cour des Comptes ze schwätzen.

An hiren Introductioun schreift d'Cour des Comptes, datt se momentan nach d'Attributiounen vun der Chambre des Comptes ausübt. De Contrôle bezitt sech op d'Legalitéit an d'Regularitéit vun de Recetten an den Dépenses. Dobäi kënnt et selbstverständlech och zu engem materieller Contrôle vun de Piëcen. Dat heescht, e Contrôle ex ante. D'Ordonnances de paiement gi virum Paiement, mä eréischt no dem Engagement kontrolléiert.

Ech erënneren drun, datt et an Zukunft zu engem dueble Contrôle kënnt. De Contrôle ex ante gëtt beim Engagement duerch e Contrôleur financier intern gemaach an de Contrôle ex post gëtt duerch d'Cour des Comptes gemaach. Fréistens bei de Konte vum Joer 2001 kann d'Cour des Comptes hir nei gesetzlech Attributiounen ausüben.

Weiderhin insistéiert d'Cour des Comptes drop, datt dee jeeweilige Gesetzesprojet iwwert d'Comptes généraux méi fristgerecht muss déposéiert ginn. Verspéidungen am Dépôt droen dozou bäi, datt de Contrôle vun der Chamber duerch d'Budgetskontrollkommissioun vill un Effikassitéit a selbstverständlech un Intérêt verléiert. E Contrôle, wéi mer en haut maachen - an do ginn ech dem Här Krieps Recht -, erënnt e bëssen u "moutarde après dîner" oder u kale Kaffi.

D'Cour des Comptes huet insgesamt zéng Punkten analyséiert, wat dem classesche Schema entsprécht. Et sinn dat d'Excédentstransfertë vu Kreditter, d'Crédits non limitatifs, d'Restants d'exercices antérieurs, d'Ordonnances provisoires, d'Comptables extraordinaires, d'Marchés publics, d'Ordonnancementer, d'Frais de route et de séjour an d'Rémunératiounen vun de Beamten an de Services de l'Etat à gestion séparée.

D'Zäit geet net duer, fir op all déi zéng Punkten am Detail anzugeen. Dowéinst wëll ech mech haaptsächlech awer mat véier Punkte beschäftegen.

Wat d'Comptables extraordinaires ugeet, kritiséiert d'Cour des Comptes déi immens grouss Retarden, déi bestinn, bis déi Leit hir Konten zum Ofschloss ginn. Zur Zäit vun der Clôture vum 98er Exercice hate 47 Comptables extraordinaires hir Konten nach net un d'Cour weidergeleet, wat bedeit huet, datt d'Cour des Comptes 47 Konten iwwer e Betrag vu bal enger halwer Milliard net fristgerecht konnt kontrolléieren.

Den Ausseministère a méi spezifesch déi diplomatesch Missiounen mat den Ambassadeuren sinn haaptsächlech en cause bei dëse Retarden. Den Ausseministère ass domat averstanen, datt déi Retarden am Prinzip net akzeptabel wieren, mä seet awer och - an de Kolleege Krieps huet dat schonn ugedeit -, datt et praktesch onméiglech wier, fir déi Délaien, déi d'Gesetz virschreift, ze respektéieren. Dofir gëtt en zwee Grënn un.

1. Et ass d'Komplexitéit vun de Prozeduren an d'Schwiergekeete bei der Gestion financière um Niveau vun den diplomateschen Missiounen.
2. Et ass den zoustännegen Service am Ausseministère, deen déi Dossiere géréiert, personalméisseg net esou besat, wéi dat vläicht misst sinn.

D'Kommissioun huet awer festgestallt, datt an der Tëschenzäit Efforten an dësem Domän gemaach gi sinn, fir d'Délaien ze verkierzen, mä et mussen nach weider Efforten hei gemaach ginn. D'Kommissioun invitéiert also d'Regierung fir no Léisungen ze sichen, fir datt méi fristgerecht do ka geschafft ginn, zum Beispill duerch technesch Ännerungen, wéi d'Aféierung vum elektronischen Courier, déi sécherlech méi séier géife funktionéieren wéi dee jetzegen herkömmleche Wee iwwert d'Post.

En zweete Punkt betrëfft d'Allocation de fin d'année vun de Statsbeamten a vun den Employéëen. Hei kritiséiert d'Cour des Comptes d'Diskordanzen tëschent dem Berechnungsmodus, wéi d'Gesetz e virgesäit, deen awer vun der Administration du personnel de l'Etat anescht applizéiert gëtt. Domadder kréien d'Beamten u sech manner Allocatiounen, wéi d'Gesetz et am Prinzip virgesäit.

D'Kommissioun huet d'Problematik mam Här Statssekretär Jos Schaack analyséiert. Den Här Schaack huet och versprach fir déi néideg Ofännerunge vun den Texter ze maachen an domat déi u sech net legal Praxis vun haut ze legaliséieren, dat allerdéngs eréischt vum Joer 2002 un.

En drëtten Kritikpunkt stellen d'Services de l'Etat à gestion séparée duer. Hei kritiséiert d'Cour des Comptes d'Feele vun engem Règlement grand-ducal dat et hir onméiglech mécht, fir déi Servicer, déi ënnert dëse Regim falen, kënnen ze kontrolléieren.

D'Kommissioun huet zesumme mam Direkter vun der Finanzinspektioun de Problem ënnert d'Lupp geholl. Si fuerdert d'Regierung op, datt de Règlement grand-ducal iwwert de Fonctionnement an de Contrôle vun dëse Servicer esou séier wéi méiglech a Kraaft triede soll.

De véierten a leschte Punkt betrëfft d'Marchés publics. Beim Volet "Marché de gré à gré" kritiséiert d'Cour des Comptes d'Praxis vun der Ausnahm vun der Regel, dat heescht, datt d'Marchés de gré à gré a 56,32% vun alle Soumissionen zum Regelfall gi sinn. D'Soumission publique soll awer d'Regel duerstellen an d'Praxis vum Marché de gré à gré soll d'Ausnaam bleiwen. An deene leschte Joer awer, wann een d'Tabelle kuckt, Här President, war et nach ëmmer d'Ausnahm, déi d'Regel gestallt huet. An anere Wieder, et misst méi mat Soumission publique geschafft ginn. D'Cour des Comptes ass awer och net averstane mat der Regularisatioun ex post vun de Marchés de gré à gré. D'Kommissioun hofft, datt de Gesetzesprojet iwwert d'Marchés publics, dee sech am Moment jo um Instanzeweef befënnt, de Kriticken an de Recommandatiounen vun der Cour des Comptes an engem groussen Mooss Rechnung dréit.

Ofschléissend vu mengem Rapport wëll ech nach e puer Wieder iwwert de Suivi vun de Konten vun 1995 a 1996 maachen. D'Kommissioun kritiséiert, datt d'Regierung hir Recommandatiounen nach net an d'Praxis ëmgesat huet, an dat op zwee Niveauen. Éischters ginn d'Délaië vum Dépôt vum Gesetzesprojet iwwert d'Konten nach ëmmer net esou respektéiert, wéi dat virgesinn ass.

M. Jeannot Krecké (LSAP). - Här Minister!

M. Lucien Clement (CSV), rapporteur. - Den Här Minister lauschtert net.

(Interruptions)

Här Krecké, ech wëll Iech drop opmierksam maachen, datt ech e Rapport vun enger Kommissioun maachen.

M. Jeannot Krecké (LSAP). - Ech hu jo gesot, net ech, mä Dir sot et.

M. Lucien Clement (CSV), rapporteur. - Et geet net ëm déi perséinlech Meenung, wann een de Rapport mécht.

Une voix. - Ganz gutt.

M. Lucien Clement (CSV), rapporteur. - Zweetens begräift de Projet de loi nach ëmmer keng ekonomesch Analys vun de Konten. Aus dëse Grënn fuerdert d'Kommissioun d'Regierung dann och op, fir do weider Efforten op dësen zwee Punkten ze maachen.

Sous réserve, Här President, vun all deene Remarken, recommandéiert d'Kommissioun der Chamber de Projet awer ze stëmmen. A menger Qualitéit als Rapporteur hoffen ech selbstverständlech op eng breet Zoustëmmung.

Zum Schluss wëll ech dann awer och nach den Accord vun der CSV-Fraktioun zu dësen zwee Projekte bréngen.

Ech soen lech merci.

Des voix.- Très bien.

M. le Président.- Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Jeannot Krecké agedroen. Den Här Krecké huet d'Wuert.

Discussion générale

M. Jeannot Krecké (LSAP). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, vläicht e puer Wuert zur Aarbecht vun deenen zwee Rapporteurs. Ech muss soen, dass mat de Méint, fir net ze soe mat de Joren, sech trotzdeem eng Aart a Weis agebiergert huet, déi hiert Gutts huet, nämlech déi Budgetskontrollkommissioun, déi elo déi Konten do kontrolléiert, spillt e Rôle, wou se sech e bëssen anescht gesäit, wéi vläicht vill aner Kommissiounen a wat och ganz normal ass.

Am legislative Beräich, do gëtt eng Politik ëmgesat an do gëtt et net déi Polaritéit - a mengen An - zwësche Chamber a Regierung. Do ass eng Majoritéit, déi gebilt gëtt aus Deputéierten, déi hei an der Chamber sinn, an enger Regierung, déi eng gewësse Politik verfollegt, do gëtt et eng Oppositioun, déi gegebenenfalls anerer Meenung ass, an duerfir ass dee Modell vu Montesquieu net, menger Meenung no, an der Praxis esou ze gesinn, wéi dat heiansdo vläicht dobause gemengt gëtt; do ass et eng Fro vun Oppositioun a vu Majoritéit. Während ech fannen, dass an der Fro vum Contrôle vun der Regierung a besonnesch vum Contrôle financier, deen hei ugeschwat ass, et wierklech eng Fro vun Institutionen ass, eng Institution vis-à-vis vun där anerer, an ech muss soen, et huet sech lues a lues eng Praxis agebiergert, déi ze begreifen ass an déi sech och doranner weist, dass d'Rapporteurs an d'Sprieche sech och kënnen identifizéieren als Parlament vis-à-vis vun enger Regierung an net noutgedrungen als Spriecher eleng vun hirer Partei.

Mir probéieren an där Budgetskontrollkommissioun, notamment bei dësem Gesetz, mä awer och bei anere Punkten, ebe just dee Rôle ze spillen, deen ee Parlament hu soll, nämlech de Contrôle duerchezéie vun de Regierungsaktivitéiten. De Problem, deen évoquéiert ginn ass vun zumindest engem Rapporteur, nämlech deen, dass eis Aarbechte sech ganz um Wupp situéieren, nämlech ex post, ass trotzdeem net esou schlecht. Et ass net esou schlecht, wa muer dat Parlament an déi Budgetskontrollkommissioun och de Courage hunn, lues a lues, nodeem dass mir jorelaang Recommandatiounen erausginn hunn. An ech muss soen, Här Minister, wann Dir ganz opmierksam eis Aarbechte verfollegt, da misst Dir an der Budgetskontrollkommissioun éischter e Partner gesinn, wéi e Kontrahent vis-à-vis vun lech, a wa mir eis Roll ganz eeht huelen, dann ass bei de Recommandatiounen, déi mir Joer fir Joer elo erausginn, ee Moment och de Punkt komm, wou mir soen "Elo geet et duer".

Ech ginn lech e Beispill: Bei den Affaires étrangères comptable extraordinaire mengen ech kënne mir net

akzeptéieren, dass dat an Zukunft esou weidergeet, dat soen ech lech. Dir wësst, dass Dir gären u meng Persoun och kënnt Appel maachen, wann et heescht Verstand weise fir eppes ëmzesetze wat raisonnabel ass, mä ech muss lech soen, entweder gëtt d'Praxis an den Affaires étrangères geännert oder mir müssen d'Gesetz änneren. Mir kënnen op alle Fall net zouloossen, dass eng Rei Comptables extraordinaires hir Aarbecht net maachen an ze spët ofliwweren, totalement en dehors vun de Limiten, déi d'Gesetz virgesäit.

Dat Zweet ass, mir hu festgestallt, dass bei der Ausbezielung vum sou genannten 13. Mount eis Regierung, an haaptsächlech de Statssekretär, deen zesumme mat der Ministesch zoustänneg ass fir d'Fonction publique, op eemol zu enger Praxis fonnt huet, déi wahrscheinlech bei den Deputéierten op Zoustëmmung stéisst, nämlech den 13. Mount au pro rata vun de Méint ausbezielten, déi déi Persoun do geschafft huet.

Ech explizéiere mech: Dir gitt agestellt am September. Den 13. Mount, deen Dir da kritt, gëtt ebe just berechent op 4/12 vun Ärer Pai. Or entsprécht dat nullement deem, wat am Gesetz steet. Menger Meenung no ass déi Praxis, déi mir do hunn, richtig, mä d'Gesetz gesäit eppes anescht vir. D'Gesetz gesäit vir, dass genau ausbezielt gëtt déi Pai, déi geschëlt ass op den Dezember, a wa mir och elo am Moment nach soen, dass mir Verständnis hätten, dass vläicht d'Regierung nach net déi richtig Reflexer gehat hätt, op alle Fall net schnell genuch, fir d'Gesetz anzehalen, sou musse mir soen, dass mir op alle Fall d'nächst Joer dat doten net méi dulde kënnen.

Do kënnt de Punkt, wou mir soe müssen "Da gëtt bei deene Leit den 13. Mount net ausbezielt, wann d'Regierung net gewëllt ass, d'Gesetz anzehalen" oder - an dat hu mir jo dem Statssekretär recommandéiert - d'Aart a Weis wéi een et mécht, déi Zoustëmmung fënnt beim Gros vun de Leit. Déi muss dann hiren Nidderschlag fannen doduerch, dass d'Gesetz geännert gëtt, well déi Praxis ass besser wéi dat wat d'Gesetz ausseet, mä mir kënnen net zouloossen, dass mir weiderhin d'Gesetz verletzen.

(Interruption)

Här Rippinger, wann Dir géingt de Rapport kucken, deen zu de Konte vu 1997 a 1998 gehéiert, da gesidd Dir, dass bei véier wichtege Kapiteln dat do ee vu deenen ass. D'Allocation de fin d'année ass ee vun deene véier Kapiteln, grad wéi d'Gestion séparée, wéi d'Transferten a wéi d'Affaires étrangères.

Ech hunn also a menger Stellungsnahm, Här President, entgéint deem, wat den Här Rippinger mengt, a wann e sai Rapport géng liesen, hätt e gemierkt, dass ech vun deene véier Punkten, déi do évoquéiert sinn, schonn zwee hei am Fong ...

(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)

Wann eng intelligent Remarque elo aus de Reie vu menger rietser Säit komm wär, géing ech drop agoen, mä vu dass dat net de Fall ass, verzichten ech drop.

M. John Schummer (DP). - Ech si méi gescheit wéi Dir.

M. Jeannot Krecké (LSAP). - Här Schummer, Dir däreft lech areien an d'Remarke vun engem Här Henckes, wann Dir wëllt. Dat steet lech fräi. Ech reie mech net dohinner an.

M. John Schummer (DP). - Erdeelt eis keng Lektionen, Här Krecké!

M. Jeannot Krecké (LSAP). - Ech wëll dann op e puer Punkte kommen, Här Minister, wou nach Problemer bestinn.

(Coups de cloche de la Présidence)

M. le Président. - Ech bieden lech ëm Är Opmierksamkeet! Hei geet et ëm ee wichtegt Gesetz!

Ech wëllt och nach eng Kéier drop opmierksam maachen, an dat gouf och schonn dacks hei gesot, dass d'Handyen ausgeschalt solle sinn. Et sinn dauernd Leit, déi hei Verbindungen emfänken an och eraus telefonéieren; dat ass net héiflech an d'Anlag gëtt dauernd gestéiert. A kengem Parlament vun der Welt ass et erlaabt, Messagen entgéintzehuelen oder erauszetelefonéieren. Wann een e wichtige Message huet, da soll ee sech erausruffe loossen ouni déi aner ze stéieren; mir hu sechs Téléfonskabinen dobausse stoen, déi vill Sue kascht hunn. Dat kënnt ëmmer erëm vir, trotzdeem dass dat scho wéi vill Mol hei gesot ginn ass. Ech appelléieren hei u jiddfer Eenzelnem seng Responsabilitéit, fir net déi aner Kolleegen ze belästegen an doriwwer eraus och d'elektronesch Anlag ze stéieren. Also nach eng Kéier ee Rappel u jiddfereen, sech dorunner ze halen.

(Interruptions)

Et sinn der, déi hunn den Handy an der Mapp leien an da gi se eraus an op eng Kéier fänkt d'Mapp un ze schellen an et weess een net wou et hierkënnt.

(Hilarité)

Dat mécht een dach net!

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP). - Här President, Dir kuckt mech déi ganzen Zäit, an ech sinn haut dee Bravsten heibannen.

M. le Président. - Ech hu jo näischt zu lech gesot. Ech wëll hei och kee perséinlech uschwätzen, mä et gëtt der awer eng ganz Partie, déi et maachen, duerfir soen ech nach eng Kéier, dass déi, déi et scho gemaach hunn, et net méi maache sollen, an dass déi aner dat schlecht Beispill net noahme sollen.

(Coups de cloche de la Présidence)

Här Krecké, fuert wann ech glift weider an déi aner solle gutt oppassen op dat wat Dir sot, well et si wichteg Saachen!

M. Jeannot Krecké (LSAP). - Merci, Här President fir déi Ënnerstëtzung déi ech brauch, well ech hunn effektiv d'Impressioun, dass mir eis net bewosst sinn, dass d'Parlament, wann et sech eescht huele wëllt, iwwert d'Recommandatiounen, déi mir der Regierung an domadder dem Budgetminister, deen haut hei ass, och iergendwann ginn, mengen ech, muss méi kloer an eenzelne Punkte ginn, well mir soss net eescht geholl ginn.

Ech menge bis elo hate mir parteiwwergräifend de Konsens, dass mir gesot hunn "Et sinn eng Rei Saachen, déi inakzeptabel sinn, an dorënner gehéiert beispillsweis och den Dépôt vun de Konten"; net ech hunn et gesot, mä de Rapporteur.

Här Minister, Dir wësst, ech hunn lech iwwert de President Bréiwer zoukomme gelooss. Ech hunn doraus keng öffentlech Polemik maache wëllen. Ech maachen et och haut net, an Dir hutt mir jo och versprach an och erkläert, wou de Grond ass, dass mir d'Konten haut nach net hunn, mä mir mussen eis awer Froe stellen. Ech hu mir nämlech, opgrond vun deem Gespréich wat mir haten, selwer eng Rei vu Froe gestallt, a wann ech dat richtig verstinn, bréngt eleng d'Plus-values-Gesetz, wat mir gestëmmt hunn, och mat sech, dass Dir d'Konte vum Joer 2001 nach esou bal net zoumaache kënnt.

An duerfir soen ech, iwwert déi Diskussiounen eraus, déi mir an der Kommissioun féieren, musse mir eis einfach iwwer e puer Punkten interinstitutionell eens ginn oder mir mussen d'Gesetz änneren. Dir kommt muer bei eis, op Är Ufro, zu engem ähnleche Problem, mä ech soen lech, et ginn net nëmmen déi Problemer, déi Dir évoquéiert hutt, mä ech gesinn och ganz schlecht, wéi mir d'Plus-values-Gesetz richtig ëmsetze kënnen, déi Sue richtig affectéieren, well da maacht Dir d'Konte vun 2001 nach laang net zou.

An duerfir solle mir e verstännegt Gespréich doriwwer féieren, mä dat verstännegt Gespréich muss awer och dozou féieren, dass um Niveau vun der Regierung eng ganz Rei Praktiken ophéieren. Mir hunn de Wunsch geäussert, dass dat um Niveau vun den Transferten esou ass, an dat betrëfft awer an deem Moment och d'Surveillance vun Ärem Ministère. Déi Transferten, déi Joer fir Joer vun engem Kont op deen anere kommen, wou ee mierkt, dass eng Systematik dohannert ass, mussen ophéieren. D'IGF, déi jo awer ganz vill associéiert ass op der Ausaarbechtung vum Budget, soll dat awer wahrencheinlech och sech zu Häerz huelen an an Zukunft kucken, wa systematesch déiselwecht Konten net ganz ausgenutzt ginn a systematesch Konten déi Suen affectéiert kréien, dann ass eppes faul bei der Opstellung vum Budget. Dat huet op de Solde u sech keng grouss Répercussioun, mä dat huet awer zur Transparenz vun deem Budget do net ganz vill bäigedroen.

Da wësst Dir, dass mir och am Gaange sinn, d'Problematik vun den Hausses légales ze kucken. Mir hunn dat do opgrond vun engem Avis vun der Cour des Comptes

analyséiert, an ech muss lech soen, wa mir Konte kucken, musse mir jo och kucken, wéi eenzel Berechnunge gefouert gi sinn, a wéi eenzel grouss Infrastrukturprojeten suivéiert ginn. An do wier ech frou, wann Dir als Regierung géingt dee Bréif, deen normalerweis de President lech geschéckt hat, oder zumindest huet en e schonn dem Minister iwwert d'Relatioun mam Parlament geschéckt, wou mir frou wieren, wann Dir als Regierung géingt eng Stellung huelen zu deem Avis, dee vun der Cour des Comptes elo komm ass an deem am Fong eng Rei Méiglechkeeten opmécht, wéi mir an Zukunft d'Hausses légales apprécieiere géingen.

Wat ass dat a wéi ass dat ze applizéieren? De Wonsch vun eiser Budgetskontrollkommissioun ass deen, dass d'Regierung zesumme mat eis géing e Wee fannen, an dass dann all Ministère déiselwecht Démarche hätt. Ech muss lech soen, mir hunn d'lescht Kéier an engem eenzege Ministère, nämlech deem vum Travaux publics, gesinn, dass zwou verschidden Administratiounen aus deemselwechte Ministère zwou total verschidden Appréciatiounen hunn, vun der Aart a Weis, wéi d'Hausses légales misste répercutéiert ginn.

Dann, Här Minister, de Punkt, deen ech zumindestens a mengem perséinlechen Numm bedauere muss, vu dass mir nach keng Konklusiounen um Niveau vun der Kommissioun gezunn hunn, dat ass deen iwwert de Projet "Centre sportif Kierchbiérg".

Dir sidd net onschëlleg drun, dass mer eng Sitzung, souguer zwou, haten - vu dass Dir selwer och present waart -, wou mer eis laang ausenaner gesat hunn, wat dee beschte Wee wier, fir dass dee Centre sportif et culturel um Kierchbiérg sou schnell kéint fäerdeg gestallt ginn, awer en accord mat de Gesetzestexter.

Ech muss lech soen: Dat wat mer als Budgetskontrollkommissioun do festgehalen hunn, huet d'Regierung net suivéiert. Awer guer net.

(Interruptions)

Well dat, wat d'Regierung als Projet eraginn huet, dat ass dat wat Dir an d'Ministesch vum Sport u sech an deenen éischte fënnef Minutte proposéiert hat. Dat war u sech e Crédit non limitatif z'iwwerschreide wat de Fonctionnement ubelaangt. Dat war eng Approche, déi évoquéiert gi war an déi an deenen éischte Minutten - géing ech awer behaupten - als net dat Richtegt ëmfonnt ginn ass.

Ech muss soen, ech sinn awer e bësse sidéiert, wann ech d'Konklusioun kucken no zwee Deeg Diskusiounen - vläicht moies fréi, mä et ass egal -, déi mer do haten. Wann ech kucken, dass d'Regierung dann de Contraire mécht quasi vun deem, wat d'Chamber hir proposéiert huet. D'Chamber hat proposéiert, eng zweet Rallonge ze maache vun der Loi spéciale an ze soen, dass et op den Travaux publics misst leien, déi nach wie vor zoustänneg sinn duerfir, a mir hate jo gesot, mir kënnen

Verständnis weisen, fir dass et schnell géing goen, dass de Conseil d'administratioun vun deem Etablissement public géing e gewësse Rôle spillen an der Ausaarbechtung. Mir haten esouguer évoquéiert, dass eng Rei vun de Marchéë gegebenenfalls Marchés de gré à gré kënné sinn, mä et ass awer net de Wee vum Crédit non limitatif, deen elo zwar soll ausgeweit ginn, deen de richtege wier, well et leider e Fonctionnementskredit ass. Mir waren eis eens, dass dat net de richtege Wee wier.

De Conseil d'Etat huet lech och drop higewisen, an ech muss soen, bis elo hutt Der Verständnis gewisen, fir eng ganz Rei vun eise Bedenken, mä an där heiter Fro, net Dir perséinlech, huet d'Regierung en tant que tel an den zoustänneg Minister absolut de Contraire gemaach vun deem, wat mir recommandéiert hunn. Dat bedauere mer.

Ech hoffe just, dass mer eis kënnen eens ginn, dass dat hei net ausart all Kéiers zu parteipolitischem Geplänkels, mä dass mer eis hei institutionell eens ginn, an dass déi Budgetskontrollkommissioun, an och déi Kriticken, déi mer ausüben um Niveau vun de Konten, déi wuel ex post sinn, trotzdeem dozou féieren, dass lues a lues eng ganz Rei Praxisse vläicht a Bunne ginn, déi méi dem Gesetz entspreche wéi dat haut de Fall ass.

Wa mer dee Wee kënnen zesumme beschreiden, Kollegen. Et huet kee Wäert, dass mer eis hei mat bëlleger Polemik ee vis-à-vis vun deem aneren äusseren. Ech hunn dat jo och net probéiert ze maachen. Mir sollen eise Rôle als Parlament vis-à-vis vun der Regierung an deem Fall anstänneg spillen.

Hei geet et net drëm, dass mer probéieren, jiddferengem säi Minister duerch de Bësch ze féieren, hei geet et drëm, dass d'Parlament vis-à-vis vun der Regierung weist, dass et de Contrôle financier eescht hëlt, an dat geet un, wann et de Contrôle, wuel ex post, vun de Konte mécht.

Dat gesot, Här Minister, an ënnert de Bedingungen, déi ech u sech e bësse gestallt hunn a menger Ried, nämlech dass dat do och ganz eescht geholl gëtt, kënnen mir als Fraktioun eis Zoustëmmung bréngen zu deene Konten. Mir wieren allerdéngs frou, an net nëmme frou, mä mir maachen eis Zoustëmmung an deenen nächste Joren dovunner ofhängeg, dass d'Regierung och endlech dat ëmsetzt, wat d'Parlament se freet ze maachen.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Jacques-Yves Henckes agedroen. Den Här Henckes huet d'Wuert.

M. Jacques-Yves Henckes (ADR).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann ech déi Debatten hei héieren, da mengen ech, ech hätt déiselwecht Debatte schonn eng Kéier virun zéng Joer gelies a gehéiert, well et huet een nämlech gesinn, datt bei deenen eenzelne Rapportereuren zwar den Numm wiesselt, d'Zuele wieselen och, mä d'Kriticken ännere sech net.

Woufir? Ma well mer eng LSAP an eng CSV an enger Regierung haten, a während zéng Joer se sech monter iwwer all Gesetzer vun der Comptabilitéit ewechgesat hunn, de façon délibérée, an ech wëllt dat unhand vun engem ganz klore Beispill a mat Zitater vun der Cour des Comptes ënnermaueren.

Dat ass bei den illegale Gehälter beim Stat, dat, wat een an techneschen Termen "avances sur traitement irrégulières" nennt. D'Praxis ass esou, datt beim Stat, wann een ufänkt ze schaffen, ee mol direkt eng Pai kritt, et kritt ee se par avance. Déi Ordonnance d'imputation, déi gëtt dann der Cour des Comptes e bësselche méi spéit zougestallt. Wann déi dann eng Irrégularitéit fënnt, wa se fënnt, datt verschidden Dispositiounen, verschidde Montanten an deem Gehalt net richtig sinn, da contestéiert se déi Ordonnanz. Da gëtt versicht, fir datt d'Regierung dorop erageet, eng nei Ordonnanz mécht, a se versicht mat der Regierung en Dialog ze féieren.

Mä d'Regierung huet ee Problem: Si huet d'Gehälter scho par avance ausbezuelt. De Fonctionnaire, den Employé de l'Etat huet se scho kritt. Resultat: Et geschitt näischt.

Da gëtt mat ville Problemer periodesch emol ee klengen Deel regulariséiert, verschidde Montante gi vläicht e bësselchen adaptéiert, mä am Fong geschitt näischt.

Dat huet derzou gefouert, datt an de leschte Jore systematesch d'Chambre des Comptes - haut d'Cour des Comptes - geschriwwen huet, datt de lëtzebuergesche Stat déi Gesetzgebung iwwert d'Comptabilitéit vum Stat net géing anhalen.

Wat gesäit déi Gesetzgebung vir? Déi gesäit vir, datt, wann d'Regierung higeet a se bezilt d'Gehälter aus, op Basis vun enger Interpretatioun vum Gehältergesetz beim Stat wéi si et virgesäit, an et ass eng Contestatioun bei der Cour des Comptes, wou déi soen, déi Ausleeung vum Gesetz wier net richtig, dann ee Prozess gefouert gi muss virun der Cour administrative, déi deem Ablack iwwert de Litige soll décidéieren.

Mä d'Regierung - déi virecht - huet während Joren dat elo refuséiert ze maachen, obwuel et am Gesetz steet. Mä d'Regierung muss d'Initiativ "de déférer les litiges devant la Cour administrative" huelen. Wa si se also net schéckt, da kann och d'Cour administrative net reagéieren a keng Décisioun huele wat dann elo déi richtig Interpretatioun vum Gehältergesetz beim Stat ass.

Ech hunn an deene leschte Jore permanent drop higewisen, datt eppes sollt geschéien. An effektiv, op Basis vun etleche Reklamatiounen, Interpellatiounen, Débaten, ass dann dunn déi virecht Regierung higaang an huet 1997 der Cour administrative "93 questions de principe regroupées en 13 dossiers distincts" transmettéiert. D'Cour administrative huet eng Décisioun geholl a se huet a verschidde Saachen, a verschiddene Fäll der Regierung Recht ginn, mä a ganz ville Fäll der Regierung Onrecht ginn. Normalerweis misst dann dat geschéien,

wat eng Regierung misst maachen, dat heescht si misst dat Uerteel exekutéieren esou wéi et décidéiert ginn ass.

Ech hunn an enger Question parlementaire d'Regierung gefrot: Sidd Der bereet, deem Arrêt vun der Cour administrative ze exekutéieren? An der Äntwert schreift den Här Minister Jo: "Les rémunérations ont été redressées en conformité avec l'arrêt." Dat ass eng Question parlementaire vum 22.09.97 vum Virgänger vum Här Frieden.

Dunn hunn ech geduecht deem wier et och esou. Ha, dat ass awer net wouer!

Well, et steet hei an engem Avis vun der Cour des Comptes: "Cependant, à l'heure actuelle, soit quatre ans et quatre mois après l'arrêt de la Cour administrative, aucun des cas tranchés par cette dernière n'a été présenté à la liquidation."

Nach besser: Ech hunn an enger Question parlementaire drop higewisen, datt bei deene Litigen, déi do unhängeg waren, fënnef héijer Fonctionnaire vum Ministère des Finances, wouvun der och eng gutt etlech eng Parteikaart hunn, vun enger Partei, garantéiert net vum ADR, mä ech géing éischter soe vun der CSV - ee war souguer Scheffen zu Hesper -, ...

(Interruptions)

... an ech wëll hei just nure soen, datt deem Ablack de Minister mer och op déi Fro geäntwert huet: "Les rémunérations ont été" - dat war déi '97 - "redressées en conformité avec l'arrêt." Dat war den Här Fischbach. Dunn hunn ech mer geduecht, waart elo emol e bësselchen of fir ze kucken, wéi dat gaangen ass.

Dunn hunn ech d'Question parlementaire nach eng Kéier gestallt, an dat war e Joer oder e puer Méint méi spéit. Den 22.01.98 hunn ech gefrot, ob bei deene fënnef Fonctionnaires, déi tëschent 17 a 40 Punkte kritt haten an déi ze vill bezuelt gi waren - loosse mer et esou soen -, dat dann elo redresséiert gi wier. Am Ganzen ass et em dräi Milliounen gaang. Déi Zäit. Also et ass elo e puer Joren hier. Et ass vu '96, wou mer hei schwätzen.

Do gëtt dann du geäntwert: Neen - et ass d'Question parlementaire -, si hunn déi dräi Milliounen net brauchen ze rembourséieren. Ech hat an darselwechter Question parlementaire gefrot: Wa se et net rembourséiert hunn, op Basis vu wat fir engem Artikel vum Gesetz ass dat da geschitt?

Dunn ass mer geäntwert ginn: Den Artikel 29quarter vum Gehältergesetz.

Här Minister, Dir wäert dat Dénge kennen. Dat erlaabt, datt d'Regierung gracieusement kann op verschidde Remboursements verzichten.

De Problem, dee sech stellt, Här Minister, dat ass deem, datt bei verschiddene Beamten, déi an darselwechter Situatioun sinn, den Allongement de grade, em deem et hei gaangen ass, refuséiert ginn ass.

D'Fro, déi ech mer stellen: Ginn et hei zweeërlee Fonctionnairë beim Stat? Déi eng, déi en Allongement de grade kréien, an déi aner net?

Ech kann och mat Nimm déngen, mä dat wëll ech hei net maachen.

(Interruption)

Mä ech kann! Dir kennt och vläicht déi Dossieren, mä et ass ganz kloer, datt hei d'Situatioun net regulariséiert ginn ass. Dat soen net nëmmen ech, dat seet och d'Cour des Comptes.

Et ass jo kloer, wa mer lo 97er an 98er Konten diskutieren, da muss een awer och emol e bësse kucken, ob et vläicht an der Tëschenzäit besser ginn ass. Ech hunn hei den Avis vun der Cour des Comptes gelies zu de Konte vun '99. Et ass haargenau datselwecht! Wat '97 an '98 hei bei de Mängel steet, steet elo nach eng Kéier dran. Just datt d'Zuelen e bësselche méi déck gi sinn.

Ech wëll dat hei in extenso virlesen, fir datt d'Chamber mierkt wourëmm et geet: "Par ailleurs,..." - seet d'Cour des Comptes ënnert "Discordance entre fonds avancés et dépenses comptabilisées" - "... bon nombre d'observations doivent être répétées d'année en année, sans qu'aucune suite ne leur soit jamais réservée, la seule réaction de l'ordonnateur ..." - dat ass vun der Regierung - "... consistant en la confection de nouvelles ordonnances d'imputation ne tenant plus compte des rémunérations incriminées. Dans ces cas, l'existence d'un litige n'est même pas toujours établie, alors qu'aucune prise de position de la part de l'ordonnateur n'est communiquée à la Cour des Comptes. Si, néanmoins, une divergence de vues a créé entre l'ordonnateur et la Cour un point de désaccord, la procédure légale prévue pour trancher le litige n'est pas entamée."

An da seet d'Cour des Comptes: "Les observations de la Cour restent ainsi sans effet sur les paiements qui continuent d'être avancés conformément à l'autorisation générale du ministre des Finances."

Hei si mer an der totaler Willkür vu Säite vum Stat. Da muss ee sech d'Fro stellen: Ëm wat fir eng Montantë geet et dann elo hei? "Des avances pour rémunérations non encore régularisées budgétairement."

Do gesäit een, datt et '96 - fir bei deene Konten ze bleiwen - 313 Milliounen waren; '98 454 Milliounen, a well een da firwëlzeng ass, kuckt een dann, wat et '99 ass, do ass et eng Milliard 964 Milliounen.

Da seet ee sech: Da muss ee kucken, wéi vill Gehälter dann iwwerhaupt nach net regulariséiert gi sinn. Da schreift d'Cour des Comptes, et wieren eppes iwwer fënnf Milliarden, ronn 5.033.982.763 Frang. Ganz prezis ass de Montant festgeluegt.

Si relevieren "que le montant des rémunérations non régularisées de l'exercice 1999 progresse de quelque 332% par rapport à l'exercice 1998." 332% geet dat an d'Luucht. Weltrekord!

"Le montant cumulé sur la période allant de 1988 à 1999 s'élève à plus de cinq milliards de francs."

Da seet d'Cour des Comptes och e wichtege Saz: "La Cour des Comptes insiste pour que des mesures concrètes soient mises en oeuvre dans un avenir proche afin de remédier à cette situation, d'autant plus qu'il est projeté de ne plus procéder par avances pour rémunérer les agents de l'Etat, mais par ordonnance de paiement à partir de l'exercice 2002."

Ech mengen et ass wichtig, dass dës Regierung endlech deen Eed honoréiert, dee se gelescht huet, dat heescht, fir d'Verfassung a fir d'Gesetzer vun dësem Land ze respektieren. Et geet elo duer, dass all Joers an der Chamber driwwer debattéiert a gesot gëtt, d'Marchés publics, hei Dépassementer, do Dépassementer, an all Kéiers reagiert d'Regierung esou, wéi wann et en nützlechen Exercice wier, dee gemaach géing ginn, awer iwwer d'Konklusioun vum der Chamber, doriwwer setzt d'Regierung sech ewech, wa se sech net einfach carrément drop sëtzt. Dat ass eng Mëssuechtung, Här Minister, vum Parlament, déi hiresgläiche sicht.

Woufir ass et wichtig, dass mer déi fënnf Milliarde regulariséieren? Ma well se par avance bezuelt gi sinn. D'Sue sinn aus der Keess vum Stat erausgaangen. Mä well se contestéiert sinn, gëtt op där anerer Säit esou verfuer, dass déi Suen net als Dépensé kënnen gebucht ginn. Wann Dir fënnf Milliarden Dépensen net bucht, hutt Dir fënnf Milliarde Benefiss méi. Dat heescht, dass bei den Avoire vum Stat Enn 1999 ee misst fënnf Milliarden ofzéien. Dat sinn awer Montanten iwwert déi eng Chamber däerf soen, dass et esou net méi däerf weidergoen. Hei muss mer regulariséieren. Hei muss eng Léisung fonnt ginn. Ech erwaarde mer vun der Regierung, dass se eng Léisung sicht, dass mer als Chamber endlech déi Gesetzgebung ons ginn a se respektieren. Et kann dach net esou weidergoen. Ech ginn zou, dass et vläicht vum Joer 2002 u wäert besser goen, mä wéi ass et fir d'Joer 2000 an 2001 plus déi fënnf Milliarden, déi nach derbäikommen? Do muss dach eng Léisung fonnt ginn.

Dir verstitt, Här Minister, dass mir ënnert deene Bedingungen deene Konte vun der viregter Majoritéit mam beschte Wëllen eis Zoustëmmung net kënnen ginn.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Bausch.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll net während enger Véierelstonn eng ganz Rei Saache widderhuelen, déi virun allem vum Här Krecké schonn hei gesot gi sinn.

Et gesäit een un deenen zwee Rapporten, déi dëst Joer hei gemaach gi sinn, dass de Fonctionnement vun der neier Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire seng Friichten dréit, well effektiv déi Rapporten am Géigesaz zu deem, wat an der Vergaangenheet vläicht oft de Fall war,

de Kritikpunkten, déi allgemeng an der Kommissioun ervirgehuewe gi sinn, eigentlech gutt Rechnung droen.

Dofir wëll ech net nach eng Kéier all déi Saache widderhuelen an einfach deenen zwee Rapporteurs fir hir Rapporte félicitéieren. Ech wëll allerdings derbäi soen, dass se sech net ze fréi solle freeën, mir stëmme selbstverständlech déi Konten jo awer net, well wa mer déi Konte géinge stëmmen, da géinge mer all déi Projekte cautionnéieren, déi iwwert déi Budgeten, wou mer elo d'Konten ofseenen, finanzéiert gi sinn. Well mer awer géint déi Budgete gestëmmt hunn an d'Prioritéit vum der deemoleger Regierung net konnten deelen a fonnt hunn, dass verschidden Investissementen an déi falsch Richtung gaange sinn, wäerte mir eis beim Vote vun dese Konten enthalten.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Aloyse Bisdorff.

M. Aloyse Bisdorff (déi Lénk).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass schonn esou, dass ganz grouss Ënnerscheeder bestinn tëschent dem Statsbudget, esou wéi en hei an der Chamber gestëmmt gëtt a senger Ausféierung, an dat schonn zënter Jorzéngten, esou dass déi Bemierkungen, déi zënter Jorzéngten ëmmer erëm, souwuel vun Oppositioun wéi vu Mehrheetspolitiker, hei gemaach ginn, ëmmer erëm kënne widderholl ginn. Bis an déi lescht Joren huet sech also näischt Grondlegendes do geännert. Et ass ze hoffen, dass duerch verschidde Moosnamen, déi geholl gi sinn, wat d'Exécution budgétaire ubelaangt, et an Zukunft besser geet.

Ech wëll dräi Punkten ervirhiewen, déi dat bestätegen:

- Déi systematesch Ënnerschätzung vun den Einnahmen, soudass een Iwwerschoss an deene verschiddene Konten optrëtt an dann eng Affektatioun vun deenen Iwwerschëss an déi öffentlech Investéierungsfongen erageet. Dat ware fir d'Joer 1997 13,5 Milliarden. Fir d'Joer 1998 waren et 18,3 Milliarden. Déi Iwwerschëss sinn an deene leschte Joren ëmmer méi grouss ginn, esou dass och déi Affektatiounen zouhuelen. Dat Eenzegt, wat sech am Vergläich zu virdu geännert huet, dat ass, dass d'Chamber an engem spezielle Gesetz iwwert déi Affektatiounen informéiert gëtt an doriwwer muss hir Meinung soen.

Een Dauerbrenner, an ech ginn an d'Jorzéngten zrëck, dat ass dee vun der öffentlecher Verdinggab. D'Ausschreiwunge maache bei der Exekutioun vun den Aarbechten, déi de Stat vergëtt, dee klengsten Deel aus, währenddeem dee gréisseren Deel vun dem Marché iwwer gré à gré gemaach gëtt. D'Cour des Comptes gëtt do Zuelen un, wat déi Marchéen ubelaangt. Et wär interessant, wann een och d'Zuel hätt vun de Volumen, déi dat betrëfft, wéi vill iwwer Marchés de gré à gré gemaach gëtt a wéi vill iwwer Ausschreiwungen.

E leschte Punkt, deen ëmmer erëm relevéiert gëtt, dat ass dee vun den Iwwerschreidungen vun den net

limitative Kreditter, déi systematesch ënnerschat an herno mussen opgestockt ginn, esou dass een och fir d'Konten 1997 an 1998 ka soen, dass et e risegen Ënnerscheid gëtt tëschent deem, wat ursprüngelech am Statsbudget dra stong an iwwer Stonnen an Deeg hei diskutéiert ginn ass, an deem, wat leschten Enns als Resultat vun der Exekutioun vun deem Budget erauskomm ass. Déi riseg Ënnerscheeder, déi mussen een derzou bréngen, dass een déi Konten net ka stëmmen.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Budgetminister Luc Frieden.

M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech géing fir d'éischt wëllen den zwee Rapporteurs, dem Här Krieps an dem Här Clement, merci soe fir hir Rapporten, grad esou wéi de Kollegen aus der Kommissioun, déi sech d'Méi ginn hunn, des Konten ze analyséieren, Konten, déi schonn op eng viregt Legislaturperiod zrëckginn an och op eng Period zum Deel zrëckginn, an där och ech Member vun deser Chamber an net an der Regierung war, nämlech d'Joer 1997. Ech wëll preziséieren, an dat ass wichteg fir déi zwee Exercicer, dass souwuel fir 1997, wou de Minister Fischbach zoustänneg war fir d'Exekutioun vum Budget, an 1998, wou vum Mount Februar un ech déi Verantwortung hat, ee muss feststellen, dass bei deenen zwee Budgete mer méi Recetten hate wéi déi, déi erwaart waren. Doriwwer solle mer eis freeën, well et eis erlaabt huet, déi Infrastrukturen ze bezuelen, déi iwwer eng länger Zäit virgesi waren.

Niewent där Satisfaktioun, dass d'Recettë méi héich ware wéi erwaart, ass et och esou, dass ech bei deenen zwee Exercicer feststellen, dass d'Exekutioun vum Budget op eng extrem strikt Aart a Weis gemaach ginn ass, wat de Beweis duerfir ass, dass net hei an der Chamber iergendeppes gestëmmt gëtt a vun der Regierung derno eppes anescht gemaach gëtt, och wa Kreditter liicht dépasséiert ginn. Am Budget 1997, hunn ech elo grad nach eng Kéier nogekuckt, sinn nëmme mat 0,3% d'Kreditter iwwerschratt ginn. Et ass extrem schwierig, Kreditter richteg anzuschätzen. Dat beweist, dass d'Regierung riguréis de Budget exécutéiert huet.

Iwwert d'Aschätzung vun de Recetten hu mer oft genuch beim Budget geschwat, an ech hunn och ëmmer gewisen, wéi schwierig et ass, déi richteg anzuschätzen. Ech hunn och ëmmer gesot, an dobäi bleift et, dass et besser ass, et iert ee sech, andeem een d'Recetten ze niddreg aschätzt wéi wann ee se ze héich aschätzt. Ech wëll awer zugläich soen, dass den Exercice, dee mer am Gang sinn, also d'Joer 2002, e ganz schwéieren Exercice gëtt.

Observateuren, déi dee Budget vu bausse kucken, notament den internationale Währungsfong, deen deser Deeg zu Lëtzebuerg war, ginn dervun aus, dass de Budget vum Joer 2002 net wäert am Equilibre sinn, well se mengen, dass mer d'Recetten no der Steuerreform ze

héich ageschat hätten an dass d'wirtschaftlech Situatioun och vun eis ze positiv ageschat gi wär.

Ech mengen, dass et ze fréi ass am Mount Mäerz doriwwer eng Estimatioun ze maachen. Dofir, mengen ech, soll een dat an der zweeter Halschent vun dësem Joer kucken, besonnesch wann ee gesäit, dass déi, déi d'Ekonomie analyséieren, der Meenung sinn, dass am zweeten Hallefjoer an Amerika an an Europa d'Ekonomie erëm wäert unzéien. Et bleift, dass et 2002 wéinst der Steuerreform schwierig gëtt. Et bleift awer och dat, wat ech gesot hu bei de Budgetsdebatten, dass mer der Meenung sinn, dass, och wa momentan 2002 eng méi spatz Situatioun op de Budget géing zoukommen, mer déi gutt kënnen iwwerbrécke mat deene Reserven, déi mer Gott sei Dank a wéllentlech an deene leschte Joren ugeluegt hunn. Méttelfristeg, 2003, 2004, 2005 bleift d'Engagement, insofern ech dofir zoustänneg sinn, dass mir e Budget am Equilibre dem Parlament virleeën a mer Ajustementer maachen, wann d'méttelfristegt Wuess-tum vun der Wirtschaft dat verlaangt. 2002 ass, wéi gesot, e Joer, wat mer musse Mount fir Mount ganz genee observéieren, fir ze gesinn, op wat dat hiféiert.

Déi Konten, déi virun e puer Joer hei virgeluegt gi sinn, hunn eng Rei Observatiounen an der Chamber ervirgeruff. Déi Observatiounen sinn der Regierung bekannt an d'Regierung versicht, esou wäit dat technesch a praktesch méiglech ass, deene Rechnung ze droen. Ech acceptéieren net, dass hei gesot gëtt, an ech brauch och keen iwwregens dee mech dozou opfuerdert, d'Regierung géing sech monter iwwert d'Verfassung an iwwert d'Gesetz iewechsetzen. Et gëtt an dësem Land Regeln, un déi sech all déi heibannen an an der Regierung, déi en Eed geleescht hunn, halen. De Géigendeel ass net bewise ginn duerch Erklärungen, déi hei kaum nozevollzéie waren, mä déi absolut net justifizéiert waren.

Par ailleurs gouf et ëmmer eng technesch Problematik bei den Avancé vun de Gehälter, déi och all Kéiers fir de Budgetsminister ganz schwierig waren. Ënnert deem neie Kontabilitéitsgesetz gëtt et dee System vun den Avancen net méi. Domat kënnen déi Rieden, déi an deene leschte Jore gehale gi sinn, an där do Form net méi gehale ginn.

D'Konte vum Joer 2000 iwwregens, déi hei ugeschwat gi sinn, si fäerdeg wat den Tableau ubelaangt, wat d'Montanten ubelaangt. Ech hat déi och am Dezember der Finanzkommissioun virgeluegt. Elo ass dat nach e ganz Buch, wat do muss geschriwwen ginn, an ech muss der Chamber soen, dass ech déi Erklärung zum Kont net selwer schreiwen, mä dass ech dofir Leit brauch, déi dat schreiwen. Déi hunn awer nach vill aner Aarbechten. Ech hunn dat bestëmmt zweemol am Mount reklaméiert an ech hoffen, dass ech kann a véierzeng Deeg dem Regierungsrot de Kont vum Joer 2000 virleeën. D'Chiffre sinn déi, déi ech der Finanzkommissioun schon am Dezember dohinnergeluegt hunn, esou ass also keng Iwwerraschung fir lech derbäi. De Kont vum Joer 2001, iwwert dee mer muer de Mueren an der Budgetkontrollkommissioun

schwätzen, wäert virun der Summervakanz an der Chamber sinn, esou dass Der gesitt, dass mer eis verbessere kënnen an den Délaien, fir déi Dokumenter dem Parlament virzeleeën. Dat sinn éischt positiv Konsequenze vum 1999er Gesetz iwwert d'Statskontabilitéit.

Déi Zesummenaarbecht tëschent der Regierung an der Budgetkontrollkommissioun, op déi de President vun där Commissioun, den Här Krecké, agaangen ass, ass aus eiser Siicht eng grondsätzlech positiv. Mir mussen net ëmmer mat där Kontrollkommissioun d'accord sinn, mä et ass normal an enger parlamentarescher Demokratie, dass d'Exekutioun vun deem wichtegste Gesetz vum Joer, wéi et allgemeng genannt gëtt, well et d'Basis ass vu ville Politikberäicher, vum Parlament intensiv suivéiert gëtt. Et muss een net ëmmer enger Meenung sinn, mä mir mengen, dass mer an deenen zwee Joer, wou et déi Commissioun gëtt, en Aarbechtsverhältnis kritt hunn, wat allgemeng positiv ass an esou wäit wéi méiglech och deene Recommandatiounen, déi do opgestallt gi sinn, nokënn.

Ganz oft muss ech och feststellen, dass dat eng Kontrollkommissioun ass, déi en objektiven Alliéierte vum Budgetsminister ass, dee sech jo och an dëse Froe muss mat sengen anere Kollegen an der Regierung ausernee setzen. Dat huet näischt mat der Legalitéit ze dinn. Dat huet einfach dermat ze dinn, dass jiddferee versicht, de Maximum vu senger politescher Projeten duerchzesetzen, an dofir si mer nun eemol do, mä dat muss ëmmer am Respekt vun deene Prinzipie gemaach ginn, déi mer am Budget festgehalen hunn. D'Debatte solle mer muer de Mueren an deem Geescht viruféieren.

D'Konte vun 1997 an 1998 si positiv a beweisen, dass eng gutt Budgetpolitik deemools gemaach ginn ass. Ech wär dofir frou, wann d'Parlament dëse Konte géif zoustëmmen. Ech géif souguer bal mengen, dass och d'Kolleege vun der Demokratescher Partei kënnen deene Konten zoustëmmen, well wann een déi Suen an deene Jore méi gemaach huet an déi konnt an déi Fonge setzen, wou duerch déi aktuell CSV-DP-Regierung och ka Politik maachen, da verlaangt dat d'Approbatioun, a wa se dofir net kann d'Approbatioun ginn, da soll se se op d'mannst gi mir géintiwwer, well 1998 war ech och scho Budgetsminister.

(Interruptions diverses)

Et ass kee Vertrauensvotum, well an alle Parlamenter vun der Welt huet, wéi ech och ëmmer beim Budget bedauert hunn, déi Logik gespillt, esou wéi Dir vum éischte Joer un, wou Der an der Oppositioun waart, net méi de Budget gestëmmt hutt, obschonns nach vill Projeten dra waren, déi grondsätzlech hätte missten Är Zoustëmmung hunn. Et muss ee sech mat där Logik am Parlament ausernee setzen, mä ech hu gemengt, datt d'Kolleege vun der DP sech et nach eng Kéier kënnen iwwerleeën virum Vote.

Dat gesot, hunn ech awer d'Gefill, wéi wann dës Konten eng Majoritéit hei am Parlament géinge fannen, an dat ass jo schlussendlech dat Wesentlech.

Ech soen lech och dofir merci am Viraus fir dee Vote, deen Der dann elo an engem vläicht ongewinnnte Majoritéitsverhältnis hei wäert huelen.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Diskussioun ass ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi 4607 a stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi 4607 (par M. Jean Spautz)

D'Artikelen 1 an 2 si gelies an ugeholl.

Mir stëmmen elo of iwwert de Projet de loi 4607

Vote sur l'ensemble du projet de loi 4607 et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthale sech.

De Projet de loi ass mat 32 Jo-Stëmmen, enger Nee-Stëmm a 26 Abstentiounen ugeholl.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par M. Ady Jung), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen (par Mme Nelly Stein), Lucien Weiler et Claude Wiseler (par M. Jean-Marie Halsdorf).

MM. Jean Asselborn (par M. Jos Scheuer), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Mars Di Bartolomeo), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par M. Alex Bodry) et Marc Zanussi.

A voté non: M. Aloyse Bisdorff.

Se sont abstenus: Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Gusty Graas), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Claude Meisch), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, John Schummer et Théo Stendebach.

MM. Jean Colombara, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Aly Jaerling), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss (par M. Camille Gira) et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch).

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Mir kommen elo zur Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi 4733 a stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi 4733 (par M. Jean Spautz)

D'Artikelen 1 an 2 si gelies an ugeholl.

Mir stëmmen of iwwert de Projet de loi 4733

Vote sur l'ensemble du projet de loi 4733 et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthale sech.

De Projet de loi 4733 ass mat 32 Jo-Stëmmen, enger Nee-Stëmm a 26 Abstentiounen ugeholl.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par M. Ady Jung), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen (par M. Marco Schank), Lucien Weiler et Claude Wiseler (par M. Jean-Marie Halsdorf).

MM. Jean Asselborn (par M. Jos Scheuer), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Jeannot Krecké), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par M. Alex Bodry) et Marc Zanussi.

A voté non: M. Aloyse Bisdorff.

Se sont abstenus: Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Gusty Graas), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Claude Meisch), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, John Schummer et Théo Stendebach.

MM. Jean Colombara, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Aly Jaerling), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss (par M. François Bausch), Mme Renée Wagener (par M. Robert Garcia).

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Domat wiere mer um Enn vun eisem Ordre du jour ukomm.

Déi nächst Sitzung si programméiert fir de 16., 17. an 18. Abrëll. Den Ordre du jour gëtt lech schrëftlech zoukomme gelooss. D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 16.51 heures)